PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Wéi aus engem Artikel um Site vum *100,7* vum 30.05.2022 ervir geet, soll e Mataarbechter vun der Firma *RSS-Hydro* gekënnegt kritt hunn, nodeems hien sech an de Medien ëffentlech a kritesch géint d'Regierungshandele wärend den Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 geäussert hat. D'Këmnegung soll zustane komm sinn, well de Patron vun der Firma evitéiere wollt, ënnert politeschen Drock ze kommen a seng aner Mataarbechter do virdrunner schütze wollt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass dee vun *100,7* beschriwwene Fall misst mat Bléck op den Deontologieskodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeüübt hunn, och Regierungsmembere waren?

2. Mat wéi enge Konsequenze misst an deem Fall gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député